

**Michèle LOUIS**

9, rue des Jardins  
L-5963 ITZIG

Izeg, den 3. Mäerz 2017

Betrefft: d' Sécherheet vun de Foussgänger an d' 'Liewensqualität' vun den Awunner an der rue de Hespérange zu Izeg

Här Buergermeeschter,

D'Hesper Strooss war schonn oft wéint Accidenter an de Schlagzeilen. Virun e puer Joer hate mer do en déidlechen Accident vun enger Mamm vun dräi Kanner, déi um Trottoir iwwerfuer ginn ass, an elo hu mer zweehonnert Meter weider erëm eng schwéier verletzte Mamm vun dräi Kanner, an dat op engem Bus Arrêt.

Den 19. August 2005 hunn betreffen Awunner vun där Strooss schonn eng Kéier bei der deemoleger Buergermeeschtesch, der Madame Gantenbein, reklaméiert (voir Annexe), an trotz Moosnamen wéi e Panneau deen d' 'Vitesse' uweist oder d' Verengung vun der Strooss bei den Zebrasträifen ass de Wee vun Hesper op Izeg nach ëmmer extrem geféierlech fir Foussgänger a Vëlofuerer.

Vun der Izeger Kierch bis bei den Hesper Kierfecht ass dës Strooss fir vill Autofuerer eng Rennstréck. Fir dem Géigeverkéier auszewäichen, fieren Autoen a Camionen regelméisseg iwwert den Trottoir. Och d' Izeger Bussen versichen, hire permanente Retard opzehuelen, andeems se mat Vollgas an d' Duerf erafueren.

Den Trottoir ass vill ze enk, sou dass eng Famill mat Kanner muss den Auto huelen, fir op d' Spillplazen ze goen, an et ass liewensgeféierlech fir hei mam Vëlo ze fieren.

Regelméisseg erféieren d' Awunner, wann erëm zwee Autoen mussen eng Vollbremsung maachen oder wann et knuppt. Autosspigelen mussen oft ersat ginn.

Duerfir meng Fro un di Gemengeverantwortlech: wat gedenkt dir ze maachen, fir an dëser Strooss eng signifikant Verkéiersberouegung ze erreechen? Elo am Mäerz start den Ministère des Transports eng Campagne fir méi Sécherheet fir de Foussgänger op eise Stroossen. Dat ass de Moment fir haart an däitlech hei Verbesserungen unzufuerderen, am Interessi vun all eisen Awunner a besonnesch eise Kanner.

Mat beschte Gréiss,

Michèle Louis